TROUN WIESSEL

**EMBARGO :**

Chaque phrase de ce discours est soumise à embargo, jusqu'à ce qu'elle ait été officiellement prononcée par Monsieur le Premier ministre

# USPROOCH VUM PREMIERMINISTER LUC FRIEDEN

# BEI DER ASSERMENTATIOUN VUM GRAND-DUC GUILLAUME

*Chambre des Députés, Lëtzebuerg, den 3. Oktober 2025*

Altesse Royale,

Duerch d'Abdicatioun vun Ärem Papp, dem Grand-Duc Henri, gouf Dir elo grad am Palais Grand-Duc vu Lëtzebuerg, an an e puer Minutten, duerch den Eed virun der Chamber, eisen neie Staatschef.

Dëst ass eng grouss Verantwortung. Si brauch Asaz, Courage an Häerz.

Als Symbol vun der Natioun sidd Dir d'Zeeche vun der Eenheet an Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg. Dir representéiert als Staatschef d'Kontinuitéit vun eisen Institutiounen. D'Stäerkt vun der konstitutioneller Monarchie ass dës Kontinuitéit a Stabilitéit, lassgeléist vum politeschen Dagesgeschäft.

Gläichzäiteg ass haut, ass all Trounwiessel, och e Moment vun der Erneierung an der Entwécklung. Fir dass et bleift ewéi et ass, muss et sech änneren.

Kee vun eis weess wéi d'Zukunft ausgesäit. All Generatioun muss sech hiren Erausfuerderunge stellen. An där ginn et haut vill: d'geopolitescht Ëmfeld, d'kënschtlech Intelligenz, de Klimawandel, d'Konkurrenz an der Weltwirtschaft.

D'Ëmfeld wäert natierlech och Är Funktioun beaflossen. Well an enger Monarchie spigelt sech d'Ëmfeld och ëmmer am Monarch erëm.

Esou steet d'Grande-Duchesse Charlotte fir d'Onofhängegkeet an d'Resistenz vu Lëtzebuerg am Zweete Weltkrich an dono.

D'Zäit vum Grand-Duc Jean war eng vum wirtschaftlechen a sozialen Opschwong vu Lëtzebuerg am Häerz vum europäesche Projet.

An ënnert dem Grand-Duc Henri ass Lëtzebuerg zu engem vun den internationaalste Länner an der Welt ginn, ouni dobäi seng Wuerzelen an Traditiounen ze verléieren.

Déi Periode schéngen haut evident. Ma den Ament wéi Är Urgroussmamm, Äre Grousspapp, Äre Papp, d'Funktioun als Staatschef vu Lëtzebuerg iwwerholl hunn, war dat net sou kloer.

A genau wéi deemools, wësse mir och haut net wat déi nächst Joren eis bréngen. An awer ass haut kee Moment vun Onsécherheet. Grad am Géigendeel, et ass e Moment vun Zouversicht.

Well, Monseigneur, mir kennen Iech.

Ech weess, dass mir e Staatschef kréien, dee beduecht ass zum Succès vun eisem Land bäizedroen, deen en oppent Ouer huet fir d'Uleies vun de Leit, deen en éierlechen Interessi u villfältegen Themen huet.

Als Krounprënz, Lieutenant-Representant, Member vum Staatsrot, Scout, hutt Dir all d'Facettë vun eisem Land, sengen Institutiounen a senge Leit kenne geléiert.

All déi Leit, déi dir dobäi an de leschte Jore begéint hutt bei Äre ville Visitten an Äre Wirtschaftsmissiounen, kennen a schätzen Iech.

Mir wëssen, dass Dir prett sidd fir d'Plaz vun Ärem Papp, dem Grand-Duc Henri, als Staatschef vu Lëtzebuerg ze iwwerhuelen.

Zesumme mat Ärer Fra, der Grande-Duchesse Stéphanie, stitt Dir fir eng modern Monarchie déi nolauschtert, déi sech engagéiert an déi d'Hoffnungen an d'Erwaardunge vum Lëtzebuerger Vollek representéiert.

Eng Monarchie déi den Zäitgeescht versteet a verkierpert, ouni dobäi hir Wuerzelen ze verléieren.

Am Numm vun der Regierung an als Ären éischte Premierminister verspriechen ech Iech eis Ënnerstëtzung an all Äre verfassungsrechtlechen Aufgaben a wënschen Iech vill Freed an Erfolleg an Ärer Funktioun un der Spëtzt vun eisem Land.

Vive de Grand-Duc!

Vive d'Grande-Duchesse!

Vive Lëtzebuerg!

Vive Europa!